Clubmeeschterschaft

am Heischtergronn

Haut Samschdes den 10. September 2016 hat de Flyfishing Club Lëtzebuerg seng Memberen invitéiert fir ob der Uewersauer am Heischtergronn déi éischt Manche vun hirer Clubmeeschterschaft auszedroen. Et haten sech am Ganzen eng zéng Memberen dëser Erausfuerderung gestallt a Sie hunn bei herrlechem Hierschtwieder ee flotten Dag op der No Kill Streck vum Wëltzer Fëscherclub verbruecht. Dëst Joer hunn mir eis net wei gewinnt virum Hotel Bissen getraff, mee den Treffpunkt war um Camping selwer an do hunn mir och an der nei renovéierter Buvette zu Mëtteg giess.

Nodeems d´Fëscher Een nom Aneren agetraff waren huet d´Equippe ronderëm eise President de Jeek, sech op de Wee gemaach fir d´Stänn ze setzen. An deier Zäit huet eise Sekretär den Erny, ee Mann vun der éischter Stonn op deen ëmmer verlooss ass an ouni deen all déi schéi Sortien déi mir an der Vergaangenheet erliewe konnten iwwerhaapt net méiglech gewiescht wären, schonn d´Lëschte preparéiert esou dass wei d´Stänn bis stoungen, séier geloust ginn ass an scho waren d´Fëscher ënnerwee fir bei d´Waasser. Dass eise President de Jeek, ee Multi-Talent ass huet Hien och erëm bewisen andeems dass Hien dës Kéier och nach de Fotograf war, Hien ass eist Meedche fir Alles an ass sech fir Näischt ze schued wann et ëm d´Wuel vum Veräi geet. Eise Comité hat sech och schonns an der Woch op de Weieren zu Lamadelaine getraff fir d´Weiche fir déi nei Saison ze stellen. An aller éischter Hinsicht ass et hei ëm eise Clubsëtz gaange wou de Gerant gewiesselt huet a wou verschidde Punkten hunn misse gekläert ginn. Mir kënnen hei awer nëmme positiv Nouvellë matdeelen, esou bleift de Site op de Weiere weiderhin eist Clublokal, mee och an allen anere Punkte ware mir eis séier mam neie Gerant, den Alain, eens. Eis Generalversammlung fënnt och weiderhin op de Weiere statt grad esou wei eis Bannkuren déi dëst Joer den 11.11. ufänken an och weiderhin all Freide solle stattfannen. D´Coupe Patrick Riehl ass och geséchert an ab 1. November ass de Site och erëm mat der Méck ze befëschen, also nëmme gutt Neiegkeeten. Wei mir dunn schonn zesumme souzen hunn mir och direkt de Programm fir dat nächste Joer zesummegestallt deen eise Sekretär bei der Generalversammlung virstelle wäert.

No dësem kléngen Intermezzo elo awer erëm séier bei ons Meeschterschaft, leider waren och dëst Joer nëmme kleng Forellen ze fänken an och d´Unzuel vun de gefaangene Fësch hätt ee bësse méi üppeg kéinten ausfalen. Mee ewéi dat esou ass bei onserem Club huet een dat der gudder Ambiance awer iwwerhaapt net ugemierkt a Jidderee war frou erëm esou ee flotten Dag beim Waasser kënnen ze verbréngen, woubäi mir bei deene wichtege Saache wären, beim Jessen. Ewéi scho gesot hunn mir dës Kéier um Camping selwer an der Buvette giess, als Menüe gouf et Ham, Fritten an Zalot woubäi ech mir soe gelooss hunn dass déi gekachten Ham roueg ee bësse méi gesalzt hätt kéinte sinn. Eis Fëscher an hir Begleedung hunn natierlech erëm ënner Beweis gestallt wou eis richteg Stäerkte leien an heibäi ware mir beschtens opgestallt. Mëttes hunn mir et dunn nach eng Kéier mat de Fësch opgeholl mee et sollt och grad esou bescheide weider goen ewéi et Moies ugefaangen huet.

Ofschléissend komme mir dann zu de Resultater, och hei huet sech net vill gedoe war et dach alt nees de Jung Äender deen sech esou lues zum Kannibal entwéckelt a senge Kollege schonn erëm fréi de Wand aus de Segele geholl huet. Hien hat am Ganzen 8 Fësch gefaangen a konnt sech esou mat 346 Punkte schonn ee komfortabele Virsprong verschafen. Déi zweete Plaz war fir de Pierrot Dan, Hien war och schonns zejoert deen Zweeten an eisem Clubchampionat an ass

ëmmer an deenen ieweschte Regioune vum Schlussklassement erëm ze fannen. Hien hat 5 Fësch gefaange wat Him 253 Punkten abruecht huet an dobäi war Him deen déckste Fësch vergonnt, eng schéi Baachfrell vun 32 cm. Déi drëtte Plaz war fir de Sedat Asani, Hien hat och fënnef Fësch gefaangen a konnt esou 209 Punkten hamsteren. De Sedat entwéckelt sech awer ëmmer méi zum Erausfuerderer deen an Zukunft bestëmmt fir déi éischte Plaz matmëscht. Déi véierte Plaz war fir den Hoffmanns Jemp deen sech dës Kéier excellent geschloen huet an dobäi eemol eng Kéier konnt iwwert säi Schied sprangen ewell un sech ass Hien ee vun eise beschte Fëscher deen ëmmer dann zu grousser Form opleeft wann et ëm Näischt geet. Hien hat 4 Fësch gefaangen an huet dofir 187 Punkte kritt. Déi gutt fënneft de Plaz konnt de Raymond Thoma beleeën, Hien hat grad ewéi de Jemp och véier Fësch gefaangen a war mat 186 Punkten nëmmen 1 Punkt méi schlecht ewéi de Jemp. Deen zweete Jemp an eise Reien, den Nicolas Jemp huet mech dës Kéier richteg iwwerrascht, sollten d´Trainingslageren am Bräurup elo endlech Wierkung weisen, jiddwerfalls konnt Hien déi sechste 6 Plaz mat 3 gefaangene Fësch beleeën an huet dofir 160 Punkte kritt. Déi 6. Plaz war ofschléissend fir de Muno Dan, den Duton Marc an den Dumont Marc déi allen Dräi 45 Punkten op hire Konnten hunn.



Lo bleift just nach ze hoffen dass mir erëm grad esou schéint Hierschtwieder erwëschen wann déi zweeten Manche usteet déi wie ëmmer zu Rabais an der Belsch ausgedroen gëtt.

Den Äender huet jo schonn Differenz gemaach an awer weess een ni ewéi et zu Rabais geet an esou steet eis hoffentlech een spannenden Mätsch an d´Haus.